

LES SACRIFIÉS

Bulletin bimestriel de la Fédération des Victimes du Nazisme enrôlées de Force



**Mai-Juin
1985
No 3**

24e année

Fédération :
9, rue du Fort Elisabeth
Luxembourg

Photo: Ed. Kutter

Journée Commémorative Nationale des EdF


Dimanche, le 8 septembre 1985 (Baueresondeg)

40e anniversaire de la rentrée au sein de la communauté nationale

Programme:

- 15.00 h Gare de Luxembourg-Hollerich**
Dépôt de fleurs au monument National de la Déportation civile et Militaire
- 15.30 h Gare centrale de Luxembourg**
Dépôt de fleurs au Monument des Cheminots
- 16.00 h Eglise Sacré-Coeur, Luxembourg-Gare**
Messe solennelle chantée par la Chorale des EdF
- 17.00 h Parvis de l'église**
Concert patriotique offert par la «Garnisounsmusék» sous la direction de Josy Comes
- 17.15 h Départ du cortège pour le «Kanounenhiwel»**
- 17.30 h Monument National de la Solidarité Luxembourgeoise**
Cérémonie commémorative
Discours du président national
Dépôt de fleurs, sonnerie aux morts
Homélie de S. Exc. Mgr l'Archevêque, évêque de Luxembourg
Hymne national.

De Fédérationscomité lued all Enrôlés de Force, Männer wéi Fraen, mat hirer Famill, hire Bekannten an Frënn an, den 8. September un der Journée commémorative nationale deelzehuelen. Mir all sin deene sëlliche Komerodinnen a Komeroden et schëlleg, eemol am Joer, an dat an aller Öffentlechkeet, hirer besonnesch ze gedenken. Duerfir huele mir äis viir, den 8. September mat derbäi ze sin. Ee klänge Sonndeg-nomëtteg werde mer all affere kënnen, fir en eisen Komeroden ze schenken, déi, oft ganz laang, virun äis aus desem Liewen ausgescheid sin.



Inhalt

Amicale RAD Brahnau/Bromberg 1943
40. Anniversaire vun der Diddlenger Sectioun
Amicale Rogasen et Wollstein
40. Anniversär vun der Amicale «ons Jongen», Dikrich
Schëffleng: Nationalkongress vum 5. Mee 1985
In memoriam Jos. Berscheid
Um Kräizwee vun E.D.F. zu Dikkrech
Petites nouvelles de l'amicale PoW-Compiègne
Wer kennt den Reininger Louis?
Aweihung vun 2 Monumenter am Emsland
Gedenkzeremonie um amerikanesche Militärkiirrecht zu Hamm a virun der Statu vum G.I. zu Klierf
Aus eise Sectioun Réiserbann, Monnerech a Rémeleng
Amicale des Anciens de Tambow:
Inauguratioun vun enger permanenter Ausstellung am Musée zu Dikkrech.

Fédération des Victimes du Nazisme Enrôlés de Force, Association sans but lucratif
Siège: Luxembourg, 9, rue du Fort-Elisabeth. - Boîte postale 2415 Luxembourg-Gare.
C.C.P. 31329-95
Banque Intern.: 5-217/4546

Rédaction du bulletin bi-mensuel «Les Sacrifiés, Luxbg., 9, rue du Fort Elisabeth, Boîte postale 2415 Luxembourg

Service social aux Enrôlés de Force, 9, r. du Fort-Elisabeth, Luxembourg-Gare.
Tél.: 48 32 32.

Fonds d'Action ccp 21049-97
La Fédération représente:
L'Association des Parents

des Déportés Militaires Luxembourgeois, c/o M. Paul Simonis, Luxembourg, 7, rue Adolphe
l'Amicale des Anciens de Tambow, Secrétariat: Kleinbettingen, 14, rue de Kahler, ccp 24007-48 · **l'Association des Enrôlés de Force Victimes du Nazisme**, Secrétariat: Luxembourg, 9, rue du Fort-Elisabeth, Boîte postale 2415, Luxbg-Gare, ccp 31324-90 · **Association des Survivants des Enrôlés de force, a.s.b.l.**, Siège: Luxbg, 9, rue du Fort-Elisabeth.
La correspondance est à adresser à Mme Josée Reef, 30, rue F. Seimetz, Luxembourg, tél.: 47 01 83.

Imprimerie Hermann, S. à r. l., Luxbg.

Grande-Duchesse Charlotte †

Am Alter vun 89 Joer as de 9. Juli 1985 ons beléiwte a vénéreiert Grande-Duchesse Charlotte an d'Éiwegkeet gaang. Elo wou Si net méi bei äis as, erënnere mir äis, a gin ons bewosst, wéi déif mir si an eis Häerzer geschloss haten an do bleiwte, esou laang se schloen.

Nodréglech siche mer no Wieder, fir eise Schmäerz auszedecken. Versicht hu mer et mat folgendem Bäileedstelegramm un de Groussherzoglechen Haff:

«Eng leschte Kéier soen d'Zwangsrekrutéiert e Merci un d'Grande-Duchesse Charlotte, déi der Jugend vun de 40er Joeren d'Fräiheetsgefille bei den Onofhängegkeetsfeieren 1939 an d'Hierzer geplazt an domadden de Fonken entfacht huet fir dem Ennerdrécker d'Stier ze bidden. Mat Hirem Bild diskret verstoppt a mat hire Wieder aus dem Exil wéi «Ce Crime devra être châtié» no der Aféierung vun der Wehrpflicht, huet Si ons Courage gemat a d'Vetraue gi bis an d'Front eran ons Flicht als Lëtzebuurger ze maachen an an de Gefaangelager duerchzehalen. Mat «Vive ons Grande-Duchesse» sin déi Bescht vun eis an den Doud gaangen. De veneréierte Souvenir un ons Grande-Duchesse Charlotte bleift ëmmer an onsen Häerzer. Iech, Monseigneur Grand-Duc Jean an der Groussherzoglecher Famill iwermëttele mir onst déifst an oprichtegt Bäileed.»

Fédérationscomité vun den zwangsrekrutéierten Naziaffer.

An deene fënnef Deeg nationaler Trauer hu mir «eiser Mamm» e leschten Äddi gesot, an eng Delegatioun vun den Enrôlés de Force stong Éirewuecht bei dem Katafalk vun der Grande-Duchesse. Samschdes, den 13. Juli hu mir, zesumme mat villen anere Lëtzebuurger an Auslänner, Hir d'lescht Geleet gin.

Mir vergiesse Si ni!

Message vum Grand-Duc:

Léif Lëtzebuurger

Haut, nodeem eist Land méng gutt Mamm, Är onvergesslech Grande-Duchesse Charlotte, mat grousem Eescht an déiwem Respekt begruenen huet, géif ech gär jidder Eenzelem, Mann, Fra oder Kand, deen un Si an dëse Wochen an Deeg geduecht huet, merci soen.

Är Participatioun huet ménger Fra, ménge Schwestern a ménger ganzer Famill esou vill gehollef, déi schwéier Stonnen déi mer duerch-gemaach hun ze erliichten. Mat enger grousser Serenitéit as Si vun äis gaangen, a Si huet äis eng leschte Kéier, mat deem Bléck, den Hir esou eege war, Courage fir d'Zoukonft mat op de Wee gin.

Als Hire eelste Jong wëll ech den Autoritéiten vun eistem Land, eiser ganzer Press, dem Radio an der Televisioun merci soen, déi all mat grouse Mëttelen a mat Häerz alles gemach hun, fir den ergräifenden Temoignage a jidder Haus vum Land a wäit an d'Welt erauszudroen.

Eis Mamm as a Rou an d'Éiwegkeet gaangen. Si bleift e Beispill fir äis alleguer.

Jean

Colmar-Bierg, de 16. Juli 1985

Remerciementstelegramm un eis Fédératioun:

Ären émouvante Message am Numm vun den Zwangsrekrutéierten 'Onse Jongen' huet d'Grande-Duchesse a mech zu déifst beréiert. Mir soen lech dofir villmols Merci. Lëtzebuerg darf dat Leed, dat eis Generatioun am Krich erlidden huet mat all sängen Affer nie vergiessen.

JEAN

Amicale RAD Brahnau/Bromberg 1943

All Komeroden. déi sengerzäit no Brahnau an den RAD verschleeft ware gin, treffe sech sondes, de 15. September 1985 zu Biwer bei Wecker.

- Programm: 9.00 Auer: Mass an der Kiirch zu Wecker.
 10.00 Auer: Visite guidée vun der Usine de Wecker.
 11.15 Auer: Gedenkzeremonie virum Monument aux Morts zu Biwer, duerno as eng Réceptioun op der Geméng.
 12.30 Auer: Mëttegiessen am Restaurant Steinmetz zu Bech. Owes, fir den Dag ofzerënnen, as eng Keelepartie am Café Pauly zu Wecker.

Umelle fir dëst Treffen soll ee sech duerch lwwerweise vun 980 Frang op de Postscheck Nr. 20538-71 vum Komerod Jos. Plummer, Lëtzebuerg. (Tel.: 43 53 22). Leschten Délai fir sech unzemellen: 10. September 1985.

Bréif, deen eis Fédératioun de 17. Juli 1985 un den Här Hofmarschall geschriwwen huet.

Monsieur le Maréchal,

Fidèles à notre attachement indéfectibles à Celle dont le nom restera gravé à jamais dans nos coeurs, nous avons participé au grand deuil de la famille grand-ducale.

Dans un élan de solidarité à toute épreuve, nous avons choisi le chemin le plus rude de cette période héroïque des années 1940-45. Fiers de notre choix pris dans la détresse, en un instant décisif de notre vie, nous avons fait l'offrande de notre jeunesse pour garantir la sauvegarde de l'intégrité de notre petite nation.

Pour mieux perpétuer les sentiments de fidélité des EdF à leur patrie et à Celle qui en était le symbole vivant, la Fédération des VNEF a décidé de remplacer un dépôt de fleurs par la remise d'un don à Son Oeuvre, l'Oeuvre Grande-Duchesse Charlotte, pour rendre les honneurs à notre Mère à tous et pour contribuer ainsi, dans ce même esprit, au soulagement des infortunés de notre société.

De sa voix pleine de dignité et de compassion sincère qui nous parvenait du camp allié où Elle défendait avec brio et succès notre cause, S.A.R. Madame la Grande-Duchesse trouvait les mots de réconfort pour nous soutenir dans notre profonde misère physique et psychique.

Grâce à Son image et à un bout de ruban tricolore sur notre coeur, nous avons su persévérer jusqu'à la victoire finale sur l'opresseur nazi et, après tant d'autres épreuves bien amères, jusqu'à notre retour au sein de la communauté nationale.

Nous réitérons à S.A.R. le Grand-Duc Jean nos très sincères condoléances et Lui présentons — à Celui qui se considère comme l'un des nôtres — l'assurance de notre entier dévouement.

Au nom de tous les Enrôlés de Force

Pour le Comité Fédéral,

Jos Weirich
Président National



40 Joer

Jo, schon esou laang as hier, — et war ginee den 8. Februar 1945, — datt am Café beim „Roude Franz“ (Reuter-Eiffes) am Trattebierger Quartier déi Diddlenger Enrôlés de Force hir Sectioun vun der Ligue „ons Jongen“ gegrënnt hun. Fir der Wourecht gerecht ze sin, muss gesot gin, datt scho kuurz nodeem eist Land vum preiseschen Okkupant liberéiert war gin, d'Jongen déi an preisesch Wehrmacht gezwonge ware gin, sech hu misse géint perfid an nidderträchtig Kalomie wieren, hirt an all denen hirt Geschéck an d'Hänn hu missen huelen, déi uechter Europa verspreecht a Speedeeler an a Gefaangenelager festsoutzen, wou

se drop gegammst hun, nees heem an d'Heemecht ze kommen. Mat engem Schlag haten déi Lëtzebuurger, déi de Volleksmond, «ons Jongen» genannt hat, a fir déi vill dausende vugutte Lëtzebuurger Happ a Gutt, jo hirt Liewe riskéiert haten, allerlee verkappt a öffentlech Géigner, esou guer verschwuure Feinden am eegene Land. Eng traureg Affär, mä leider wouer, an eng Schan fir d'Land.

Zënter der Grënnong vun der Diddlenger Sectioun war hire President de Jos. Weirich. Hie blouf et bis op den heitegen Dag. Rondrëm hie waren stéits gutt Komeroden a Kome-





rodinnen, déi ëmmer tatkräfteg matgeholfen hun schaffen. Munnecher sin haut, grad wéi vill ze vill Membere vun der Sectioun, vill ze fréi gestuerwen un de Folge vun deem wat si während a wéinst der Zwangsrekrutierung erlidden haten.

Fir de 40. Anniversär wierdeg ze begoen, hatten déi Diddlänger Komeroden a Komerodinnen eng Semaine du Souvenir organiséiert. Ugefaang hun dës Erënnerungsdeeg den 27. Abrël a sin de 5. Mee 1985 op en Enn gaang.

An der Zäit war am Diddlänger Stadhaus eng bemierkenswert historesch a patriotesch Ausstellung ënner dem Motto: **Diddläng ënert der Naziherrschaft**. Ze gesinn waren Photoen, Dokumenter, Plakaten an Objeten aus dem Krich. Am Résumé war ze gesinn: Diddläng an den 20er Joeren an durno, d'Joer-

gäng 1920 bis 1927 an de Schoulen; Centenårsfeiere vun 1939; Diddläng kuurz virum Krich (d'Préparatioun vun der Evakuatioun); 10. Mee 1940: Iwwerfall vun der preisescher Wehrmacht op eist Land an Evakuatioun; Krichsdokumenter: d'Nazien, am RAD, an der Wehrmacht, d'Resistenz, d'Refraktären, Kazzetler, d'Gefaangeschaft an de Rapatriement; d'Liberatioun: d'Miliz, d'Festlechkeeten, de Monument aux Morts vun Diddläng; Bilanz: d'Éirentafel vun den ongléckleche Zwangsrekrutierten an eng Iwwersicht vun der Diddlänger EDF-Sectioun hirer Aktivitéit.

Déi sëllege Méi an Aarbecht fir dës Ausstellung z'organisieren, waren nët ëmsoss gewiescht a gouwe mat engem schéine Publikumsfolleg gekréint. Iwwert 3 000 Leit haten d'Expositioun besicht.

s. n.

Amicale Rogasen et Wollstein

Une fois de plus les membres de l'Amicale des Enrôlés de Force dans le R.A.D. et à la Wehrmacht des camps Rogasen et de Wollstein se sont rencontrés pour la 17e fois consécutive cette année en réunion amicale à Bettembourg. Il y a maintenant 41 ans, vers la fin de la 2e guerre mondiale, le 12 resp. 13 juillet 1944 ils durent quitter leur chère patrie pour regagner les camps de travail en Pologne et la Wehrmacht ensuite. Pour commémorer cet anniversaire, une messe a été dite, samedi le 6 juillet 1985 à 10.30 heures en l'église

paroissiale de Bettembourg pour les camarades morts pour la patrie, disparus ou décédés après leur retour. Des fleurs ont été déposées au Monument aux Morts. Les participants furent ensuite chaleureusement reçus par la Municipalité de Bettembourg. Un repas exquis, servi à l'Auberge du Parc dont la réputation est bien connue par les becs-fins à travers le pays, a largement contribué à la création d'une ambiance parfaite. Ils se reverront l'année prochaine.



Ons Jongen

Dikrich

D'Amicale Ons JONGEN, Dikrich huet viru kuurzem de 40e Anniversaire vun hirer Grëndung op eng diskreet Manner am lokale Krees gefeiert. D'Sectioun Dikrich as zënter dem 18. März 1945 unni Ennebreechung aktiv gewies an as während 40 Jar hirer Missioun trei bliwwen. Op de Biller gesi mir déi Dikricher Zwangsrekrutiert bei enger einfacher, awer ergreifender Zeremonie op den Jubiläumstag virun der 14. Statioun vun hirem Kräizwee.

Nationalkongreß vun der Associatioun E.F.V.N. zu Schëffläng, de 5. Mee 1985



De Rapport iwwert de Kongress publizéiere mer an der nächster Nummer vun eisem Bülletin, grad wéi iwwert all déi aner Evénementer, déi mer dës Kéier ledeglech a Biller duergestallt a festgehalten hun.

Mat dem gëllene Ruban goufen ausgezechent:

Henri Lamborelle, Boevange; Marcel Schmit, Differdange; Camille Mergen, Ettelbruck; René Leiner, Nord; Roger Reiffers, Rumelange; Jean Diederich, Wasserbillig.

De sëlverne Ruban kruten:

Léopold Berscheid, Tony Heinen, Jean Keipes, Jean Kergen, Noé Balthasar (Boevange); Aloyse Reger, Jos. Putz (Dudelange), Erny Gruber (Echternach), Jim Gillen, Pierre Jacoby, Jean Juncker, Jos. Schmit, Josy Pleger (Ettelbruck), Pierre Reuter, Pierre Mathieu, Alfred Solazzi (Esch-sur-Alzette), Henriette Hoffmann (Luxembourg), Robert Thill (Luxembourg), Sophie Thilges-Schranz (Nord), Trina Renard-Liesch, Pierre Larosch (Roeser) Arnold Lambert (Rumelange), Martin Winandy (Sanem), René Schaack (Schieren), Lucie Reiffers, Raymond Beck (Schiffange), Pierre Demuth, Roger Schmitz, Julien Giersch (Sud-Ouest), Léon Nies (Walferdange), Marcel Rech, Pierre Reis, J.-P. Dondelinger (Wasserbillig), Léon Zigrand (Rambrouch), Dominique Mertz (Rambrouch), Gritty Bieber (Remich).

Ofschléissend fir elo nach d'Resolutioun, déi an der Unanimitéit vun den Kongressdelegierten uegholl gouf:

De Congress vun den Enrôlés de force, versammelt zu Schëffläng, de 5. Mee 1985;

no de Rapportsën vum Comité;

hëlt Stellung: a) der Visite vum amerikanesche President a vum deitsche Bundeskanzler op engem Kirfech zu Bitburg, wou och fréier SS-Zaldoten begruewe leien;

as der Meinung, dass d'enrôlés de force nët géint eng Versöhnung mat dem heidegen Däitschland sin, mä absolut e Gedanken un

Träger vu kriminellen nazistesche Gedanegutt verwerfen.

b) zum Programm vum ministère de la culture, „en partie planifié avec le C.N.R. et la L.P.P.D.“ zum 40ten Joresdaach vun der Libération des camps a vum Enn vum zweete Weltkrich; heibäi gin d'enrôlés de force komplett iwwergaang an ignoréiert;

stellt fest, datt d'enrôlés de force an hirer patriotischer Haltung déi gréissten Affer bruecht hun fir d'Heemecht;

a protestéiert dofir vehement géint dese bewoosten Akt vun historiescher Verdrängung.

† IN MEMORIAM

Leider hu mir an der Sectioun Simmer de 17. November 1984 erëm ee vun eise Komeroden missen op séngem leschte Wee begleeden. Et as dat de

Jos. BERSCHIED

vu Käerch. Hie war Mëmber vun eiser Sektoun zënter datt se besteet. De Jos war e stëllen awer en treie Mataarbechter an eisem laange Kampf ëm Gerechtegkeet an Unerkennung.

Vill ze fréi sollt hien, dien am Liewe schwéier geschafft hat, duerch en onbarmhärzegt Leiden aus onser Mëtt gerappt gin.

Séng Hëllefsbereetschaft a sän Asaz am Dégscht vun de Matmënschen wärde mir ni vergiessen. Dës puer Wieder solle sénger Famill, fir déi hien ëmmer do war, e klengen Trouscht an hirem grouse Leed sin.

Au revoir Jos, an engem bessere Liewen, soen déng Komeroden Enrôlés de Force.

Um Kräizwee vun den Enrôlés de Force zu Dikkrech



Am Kader vun dem 40. Anniversär vum Zweete Weltkrichsenn 1945 war de 5. Mee 1985 eng wuerdeg an erbaulech Erënnerungs- a Gedenkstonn zu Dikkrech.

An der Entrée zum Kräizwee vun den EdF sin de Grand-Duc JEAN an d'Grande-Duchesse Joséphine-Charlotte ëmfaang an de Botschafter, de Ministeren, den Deputéierten an anere Perséinlechketen aus dem Land viirgestalt gin.



Virun der éischer Statioun.



Während der Ofschlosszeremonie virun der 14. Statioun.



De Marcel Dockendorf, President vun der Dikkrecher EdF-Section iwwerreecht dem Grand-Duc an der Grande-Duchesse als Erën-

nerong un de 5. Mee 1985 e Buch iwver de Kräizwee vun den Zwangsrekrutéierten.

Amicale des Enrôlés de force P.o.W. Camp Compiègne

Petites nouvelles

Une délégation de notre Amicale a rendu un dernier hommage à Madame la Grande-Duchesse Charlotte en défilant, avec drapeau en berne, devant son sarcophage au Palais Grand-Ducal.

À l'occasion des funérailles de notre vénérée souveraine, le PoW-Camp Compiègne n'a pas omis d'exprimer son dévouement par le dépôt d'une magnifique couronne.

Étant donné que pour des raisons diverses de plus en plus de nos camarades se distancent de l'organisation de notre Grill-Party au Kirchberg, celle-ci n'aura plus lieu.

Elle sera cependant remplacée par une excursion gastronomique dans un restaurant du pays à désigner.

Pour cette année, le comité envisage de choisir l'Auberge du Finsterthal en date du mardi 10 septembre. Cette idée n'étant qu'à l'état de proposition, nos membres seront tenus au courant par lettre-circulaire.

Pendant les mois d'août et de septembre il n'y aura pas de jeu de quilles.

Le prochain rendez-vous au Café Gérardy à Elvange ne sera donc que pour le 7 octobre prochain.

A. T.

Wer kennt?


REININGER Louis

8, rue du Pic Vert
F-57100 Thionville

geboren am 14.3.1920 in Rombas (Frankreich) Zwangsrekrutierter, eingezogen in die Wehrmacht am 24.6.1943 in Heiligenbeil (Ostpreussen), war im Einsatz seit Juli 1944: in Litauen – Sudauen – Augustow – Warschau – am 30.7.1944 im Reserve Lazarett I in Allenstein.

Er wurde gefangengenommen in Heiligenbeil am 25.3.1945, überführt nach den Lagern Tilsit, Ragnit und wieder nach Tilsit, wo er befreit wurde Ende August 1945.

Welcher Luxemburger war mit Reinger Louis zusammen in dieser Zeit? Er möchte sich mit ihm schriftlich in Verbindung setzen.




Aweihung vun zwee Monumenter am Emsland

Wéi ugekënnegt huet de pèlerinage vun den Enrôlés de Force op d'Plaze vun de Kazetter am Emsland stattfund vum 9. bis den 13. Mee 1985.


Kee vun deenen, déi dorun deelgeholl hun, wärt det Erlied-nëss je vergiessen.

Well äis keng Plaz an dësem Bülletin bliwen as, bréngt mier jhust e pur Photoen vun der Aweihung vun de Monumenter. En ausféierleche Rapport publi-zéiere mer an där nächster Num-mer.

Dësen 3-Tonne schwéiere Steen aus Lëtzeburger Buedem steet zu Bockhorst/Esterwegen.




Deen nei nieft ofgebiltene Steen, e weit 2 Tonnen, steet um Kiirfecht vum Lager «Aschendorfermoor» zu Herbrum.






D'Fändeldréier hun hir gellech méi gehat. An deem flaachen Emsland bléist de Wand zimlech staark.



Dräi vun de rescapéierten Enrôlés de Force, déi an den Emslandlager béis Zäite verbruecht hun, an déi um Pèlerinage deelgeholl hun. V.L.N.R. Pæffgen Charles, Kohnen Fernand an Urth Nicolas.

40 Joer duerno Gedenkzeremonie um amerikanesche Militärkiirfecht Hamm



De 7. Mee 1985 war zu Hamm um amerikanesche Militärkiirfecht a Presenz vum Buetschaffer S.E. Dolibois eng Gedenkstonn zu éiere vun den amerikaneschen Zaldoten, déi am Zweete Weltkrich bei der Libération vun eisem Land gefall sin.

Organiséiert war des Zeremonie vun de Komeroden aus der Rémelenger EdF-Section. Eng ganz Rëtsch vun EdF-Sectionen an Organisationnen haten Delegationnen op den Hammer Kiirfecht geschéckt. D'grouss Majoritéit vun de Fédérationscomitésmembere war ebenfals présent.

Blummen goufe néiergeluecht an der Chapelle ardente an um Graf vum Generol S. Patton. De President vun der Rémelenger Section huet eng Usprooch op lëtzebuergesch bei der Chapelle ardente gehalen an d'Joffer Michaux eng zweet, op englesch, beim Graf vum Generol Patton.



Klierf

Den 10. September 1940 hun Unitéite vun der amerikanescher Arméi eist Land vum Nazijoch liberéiert. No der batterer Ardennen-Schluucht, déi de 16. Dezember 1944 ugefaangen hat, gong dee märdeschen Zweete Weltkrich den 8. Mee 1945 op en Enn.

Fir datt mir Lëtzebuerger eis Fräiheet erëm sollte kréien, hun an Ost a West vill Zaldoten, ma besonnesch vill amerikanesch jong Männer hiert Liewe musse loossen. Niemols kënnen mir dësen an allen US-Bierger duerfir genuch Merci soen.

An dankbarer an éiervoller Erënnerong hun d'Enrôlés de Force de 27. Mee 1985, 40 Joer no de Krichsévenementer, während enger Feierstonn zu Klierf virun dem Monument vum G.I. un d'Befreier vun eisem Land geduecht a Blummen néiergeluecht.



Section Roeserbann

Eine «Rue des Sacrifiés» in Roeser zum Gedenken der Kriegsoffer.



Im Rahmen der Erinnerungsfeiern an das vor 40 Jahren zu Ende gegangene schreckliche Kriegsgeschehen wollten die Roeserbänner auf eine besondere Art der Kriegsoffer gedenken, die im Streit für Freiheit, Gerechtigkeit und Unabhängigkeit ihr Leben hingegeben haben. Im Verlauf einer intimen Feier wurde nämlich in Roeser die „Rue de l'École“ in „Rue des Sacrifiés 1940-1945“ umbenannt.

Nach einer kurzen Ansprache des Bürgermeisters Arthur Sinner zeichnete der Präsident der lokalen Zwangsrekrutiertensektion, François Majerus, das grausige Bild der Kriegsjahre, während denen unser Land vom Nazijoch unterdrückt wurde. In jenen unheilvollen Jahren bezahlten leider nur allzu viele gute Luxemburger ihre Überzeugung und ihre

Standhaftigkeit mit dem eigenen Blut. Nie dürften die für unsere Freiheit in den Tod gegangenen Patrioten vergessen werden. So möge eine lobenswerte Geste einerseits ein ehrendes Andenken an die Kriegsoffer und andererseits aber auch ein Mahnmal vor einem ähnlichen Schreckgeschehen sein. Der Redner kam nicht umhin, sein tiefes Bedauern darüber auszudrücken, daß viele Bewohner der ursprünglich für die Umbenennung vorgesehenen Straße eine Aktion gegen die Neubenennung ihrer Straße unternahmen.

Zusammen mit Bürgermeister Sinner enthüllte François Majerus das neue Straßenschild. Pfarrer René Leuck sprach alsdann ein Gebet und nahm die Segnung der „Rue des Sacrifiés“ vor.

Section Monnerech

Mir Enrôlés de Force aus de Gemeng Monnerech haten de 6. Mä am Café „Op der Cartingpist“ Rendez-vous fir onst traditionellt Mëttegiessen. Duerno hu mer eis Tombola ausgespillt. Ganz vill vun eise Mëmbere mat hire Familjen hun dobäi matgemaach. Am spéiden Nomëtteg si si mat zefriddene Gesichter heemgaang mat dem Versprechen dat aner Joer erëm derbäi ze sin.

Den 12. Mä hu mer eisen Ausflug gemeet. Et gong op Rhodes, Domaine Ste Croix um Étang du Stock. Ëm halwer néing mueres war de Rassemblement gewiescht. All waren se do an et gong da ganz gemittlech iwver Thionville, Metz, Château-Salins, Rorbach a Belles Forêts no Ste Croix gefuer. Mir haten äis enger Reesgrupp vum Simon Tours ugeschloss. Ennerwee huet et alt emol en etlech Drëppse gereent.

Ma dat huet äis rose wéineg ausgemat, mir ware jo ënner Dag.

Wéi mer zu Ste Croix ukoumen, wor de Mëttingsdësch räichlech gedeckt. Dee flotten Orchester, dee vun der Firma Simon engagéiert war, huet ons schéin Danzmusicé gespillt. Am Laaf vum Nomëtteg gouf et du wonnerschéint Wieder a mir konnten am

Wëldpark spazéieren goen. Duerno hu mer nach e puer schéi Stonnen bei Musék a engem Gudde Patt Wäin verbruecht.

Ponkt siwen Auer owes gong et dann op d'Heemrees a mer waren äis alleguer eens, dat mer e schéinen Dag verbruecht haten.

De Comité vun den EdF, Monnerech

Die Rümelingen Zwangsrekrutierten hielten Jahresrückschau

Einen schönen Beweis für Kameradschaft und solidarischen Zusammenleben bot einmal mehr die Rümelingen EdF-Sektion „Ons Jongen“ gelegentlich ihrer Generalversammlung, zu der sich recht zahlreiche ehemalige Militärdeportierte, Refraktäre und Deserteure eingefunden hatten. „Ons Jongen“ Rümelingen, bei der es sich um die älteste Gruppierung von Zwangsrekrutierten der Unglücksjahrgänge 1920-1927 handelt (gegründet im September 1944), steht noch immer auf der

Bresche, wenn es gilt die rechtmäßigen Belange der „Jeunesse sacrifiée“ zu verteidigen. Der dynamische Vorstand setzt sich folgendermaßen zusammen:

Henri Michaux, Präsident und Kassierer; Vizepräsident Aly Hengesch; Sekretär Roger Reiffers; Beisitzende Fernand Aulner, Roger Daxhelt, Eugène Gerson. J.P. Krings und Jos. Küntzinger. Porte-drapeau Pignolo Jean-Pierre.



Auf unseren Bild v. l.n.r. Eugène Gerson, Aly Hengesch, Henri Michaux (stehend), Roger Reiffers und J.P. Krings.

Amicale des Anciens de **TAMBOW**

Matdéloung un all Tambower Komeroden

betréift:

1) Musée iwer Tambow zu Dikrech

Wéi an der Generalversammlung beschloss gou, gët den 29. September 1985 d'offiziell Ouverture vun eisem Musée permanent zu Dikrech opgemach. Dës Ausstellung as déiselwécht wéi mir se zu Lëtzebuerg, Dikrech, Esch an zu Déifferdeng haten, blous dass dëse Sall ais am Musée de l'Histoire dauernd zur Verfügung gestallt gët.

E groussen Dél vun de perséinleche Saachen wéi Rousekränz, Läffelen a.s.w. sin no der leschter Ausstellung erëm beim Präsident ofgeholl gin. Léiwe Komerod, mir maachen en Appel un Dëch, all deng Saachen déis Du als Souvenir vun Tambow nach hues, fir dës Ausstellung ze gin.

Déi am Musée a Vitrienen ausgestallte Saachen gi mat Dëngem Numm bezeechent, a bleiwen Dein Eegentum, a kënnen zou all Moment zreckgefrot gin. Du kriss fir dës Objéen en Certificat op Dein Numm ausgestallt. Géint e Reçu kanns Du, léiwe Komerod, déng Tambower Saachen bei engem vun de folgende Memberen ofgin.

SCHOLER Mathias	29, rue de la Providence	Lamadelaine
JUNCK Gaston	14, rue St-Antoine	Diekirch
STEFFEN Jules	14, rue de Kahler	Kleinbettingen
HERMANN Raymond	1, Montée de la Pétrusse	Luxembourg
ROSSELJONG Antoine	60, rue A. Fleming	Dudelange
SCHAUSS Erny	130, rue Schetzel	Luxembourg
SCHILTZ Jos.	17, bd de la Fraternité	Bonnevoie
STEICHEN Jos.	41, rue P. Dupong	Schiffange
WEBER Albert	26, Ceinture um Schlass	Hesperange
BEFFORT Henri	16, rue Louvigny	Luxembourg
KOEHLER Charles	25, Bellevue	Schiffange
KALMES Eugène	3, rue de Rédange	Niederpallen
HEILES Charles	118, rue Bamertal	Diekirch
THILLEN J.P.	36, rue Jos. Simon	Wiltz
ZEIMETZ Jos.	6, rue de Wasserbillig	Echternach
SCHEMEL Erny	58, route du Vin	Schengen
THOMMES Raymond	14, rue J. Klein	Arsdorf
MERGEN Camille	17, route d'Arlon	Oberfeulen
WEYLAND Arthur		Eischen

2) Éischt Buch vun Tambow vun 1946

Op allgemeng Nofro wëlle mir dat éischt Buch vun Tambow, dat vum Erny FABER 1946 gedréckt gou, nach eng kéier erausgin.

Et gou geschriwe vum

Aloyse LANG, gestuerwen zu Tambow

Constant WOLTZ, gestuerwen zu Tambow

† Josy BAILLEUX, Pierre BAUSCH, † Robert BRUCH, Ernest FABER, Erny Schauss, Josy ZEIMETZ.

D'Zeechnongen si vu:

† René LEOPARD

JOSY ZEIMETZ

Wiën un dësem Buch interesséiert as, soll direkt 350.- Fr op den C.C.P. 24007-48 Amicale des Anciens de Tambow iwwerweisen.

De Comité

**Inauguration de l'Exposition permanente
des Anciens de Tambow
au Musée de l'histoire à Diekirch
le dimanche 29 septembre 1985
à l'occasion du 40e anniversaire du départ du Camp 188**

Programme:

- 9.30 h. Dépôt de fleurs et recueillement au Calvaire des Enrôlés de force.**
- 10.15 h. Messe commémorative en l'église décanale de Diekirch, célébrée par l'Abbé Marcel Ripp, un ancien de Tambow, et chantée par la Chorale des anciens de Tambow.**
Retransmission de la Messe par Radio Luxembourg.
- 11.30 h. Réception offerte par la Municipalité dans les salles de l'ancienne Ecole Hôtelière.**
- 13.00 h. Déjeuner dans les salles de l'ancienne Brasserie, rue de l'Esplanade.**
Menu:
Bouneschlupp
Jambon braisé sauce Madère
Légumes
Pommes Rissolées
Tarte Maison
Café
Prix du Menu 600,- frs (TVA et Service compris)
- 15.30 h. Ouverture officielle de la salle réservée aux Anciens de Tambow au Musée de l'Histoire**

N.B. Wien um lessen wëllt deelhuelen, soll bis den 23.9. 85 seng 600,- frs op den CCP 24007-48 (Amicale des Anciens de Tambow) iwerweisen. Och ons Dammen sin wëllkomm. D'Quittung vun der Iwerweisung as **onbedingt** beim Banquet virzeweisen.
